5/2025

# debulletin

## PROJET ALPHA

## #NETESOU

**Editorial vum Patrick Remakel**
Ried fir d'Ouverture vun der LuxDidac 2025

**Plan d'études 25**
Avis vum SNE/CGFP

**Avis de la Chambre des fonctionnaires et employés publics**
« Reform ALPHA »

**KI Kompass**
E Schrëtt an déi richteg Richtung

sne
syndicat national des enseignants
cgfp

Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!




# ROOM
Luxembourg

INDIVIDUELLE PLANUNG

BERATUNG

BEMUSTERUNG AUF WUNSCH

LIEFERUNG UND MONTAGE

SERVICE APRÈS-VENTE

## MODULAR . MOBIL . MODERN.







11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
5/2025

02 Editorial vum Patrick Remakel
Ried fir d'Ouverture vun der LuxDidac 2025

12 Avis de la Chambre des fonctionnaires
et employés publics
« Reform ALPHA »

20 Avis vun der CHFEP zu der Reform Alpha
E Kommentar

22 Plan d'études 25
Avis vum SNE/CGFP

26 KI Kompass
E Schrëtt an déi richteg Richtung

32 Pressekonferenz
Rentrée syndicale SNE/CGFP 2025/2026

42 « TOUR OF THE VALLEYS »
D'Péitruss– an Uelzechtdäller :
e Wee voller Inspiratioun an Innovatioun

45 Den SNE/CGFP invitéiert :
Komm mat an de Kino!

46 Assermentatioun 2025
Den SNE/CGFP wor dobäi.

# Éditorial

## Ouverture vun der LuxDidac 2025

### Ried vum Patrick Remakel

#### 1. Begréissung

Här Minister, Dir Dammen an Hären Deputéierten, léif Vertrieder aus der Politik, léif Éieregäscht!

Am Numm vun der FEDUSE-Enseignement/CGFP a vum SNE/CGFP freet et mech, esou eng grouss Zuel vun Éieregäscht op der Ouverture vun der LuxDidac begréissen ze kënnen.

Et freet mech besonnesch, onsen Educatiouns-minister, den Här Claude Meisch, den Owend bei ons ze hunn.

Merci Här Minister, fir Är Presenz a fir déi Wierder, déi Dir nach wäert un ons riichten.

Des Weidere begréissen ech d'Deputéierteen déi och zum Deel Member vun der Chamberkommis-sioun vun der « Éducation nationale de l'Enfance et de la Jeunesse » sinn, d'Damen Barbara Agostino a Francine Closener, d'Hären Jeff Boonen a Ricardo Marques.

Ech begréissen och aus dem « Cabinet ministériel » d'Madame Martine Molitor an den Här Gilles Dhamen, allen zwee « Premier Conseiller de Gouvernement »

Et freet ons, des Weidere begréissen ze kënnen d'Madame Francine Vanolst, « Chef de la direction générale de l'enseignement fondamental », d'Hären Claude Huss, « Chef de la direction générale de l'enseignement secondaire », aus dem « SCRIPT », den Direkter Luc Weis an aus dem SIA den Direkter Marco de Oliveira Carvalho.

Ech begréissen och d'Presidenten an d'Membere vun de Comité-d'écollen, d'Memberen aus den Direktiounen an d'Memberen aus de Programm-kommissiounen.

Mir freeën ons och iwwert d'Presenz vun den Hären Romain Wolff, President vun der CGFP, dem Christian Schleck Member vum Bureau exécutif vun der CGFP an dem Max Lemmer, Attaché de presse vun der CGFP; aus der Chambre des fonctionnaires et employés publics, d'Presidentin Mona Guirsch an de Vertrieder vu befrënnte Syndikater an Associa-tiounen a schliisslech all de Memberen aus de Comitéeën an den Assembléeë vun der FEDUSE/CGFP a vum SNE/CGFP.

Merci Dir Dammen an Dir Hären, fir Är Presenz a fir Är Ënnerstëtzung.

Entschëllegt, wann ech ee vun den Éieregäscht sollt vergiess hunn.

Ech begréissen awer och ganz häerzlech ons Aus-steller an d'Verlaagsvertrieder, déi dës Ausstellung iwwerhaapt erméiglechen.

E grousse Merci geet och un de Schefferot vun der Staat Lëtzebuerg an un d'Responsabel vum Centre culturel vu Bouneweg, déi ons dës Lokalitéite frënd-lecherweis zur Verfügung stellen.




E leschte Merci geet un de Claude Ries, de respon-sabelen Organisateur vun der LuxDidac, un d'Organisatiounsekipp vun der LuxDidac an un d'Ekipp vun SNE-Editions fir hire kompetenten Asaz.

#### 2. LuxDidac

D'LuxDidac fënnt dëst Joer scho fir d'28. Kéier statt.

Genau wei déi lescht Editioun fënnt och dës Editioun hei am Centre culturel zu Bouneweg, direkt vis-à-vis vun eisem Siège statt.

Hei, respektiv an eise Büroen um Siège, huet d'Lux-Didac hiren Ursprong geholl.

Deen een oder anere vun Iech erënnert sech vläicht nach un déi Ufäng, un d'Wuerzele vun dësem Event.

Alles huet ugefaang mat enger Ausstellung vun didakteschem Léiermaterial, organiséiert vum Léier-personal fir d'Léierpersonal.

Dës Iddi ass aus engem ëmmer méi grousse Besoin eraus entstanen:

Vill Membere vum SNE/CGFP hunn ëmmer méi musse feststellen, dass et schwéier ass, passend Exercicer a weiderféierend Material ze fannen, fir de Schüler d'Léieren ze erliichteren.

Aus dësem Besoin eraus ass d'LuxDidac gebuer ginn, mat dem Usproch, déi Lacunnen ze fëllen.

D'LuxDidac bitt dem Léierpersonal, den Elteren an allen aneren Interesséierten d'Méiglechkeet, d'Nouveautéiten am Beräich vum didaktesche Material ze entdecken.

Och dëst Joer si mir nees stolz op d'Vilfalt vun de Produkter, déi eis Exposantë matbruecht hunn – an et gëtt definitiv vill ze entdecken!

Et freet eis besonnesch, dass eng Rei vun eise laangjäregen Aussteller och dëst Joer erëm derbäi sinn, a gläichzäiteg si mir houfreg, eng Rei nei Expo-sante bei eis begréissen ze kënnen.

Dëst ass en Zeeche fir d'Popularitéit vun der LuxDidac.







Mir si frou, dëst Joer Aussteller aus Lëtzebuerg, Däitschland an der Belsch hei am Centre Culturel zu Bouneweg begréissen ze däerfen.

Och SNE-Editions ass natierlech mat hirem didaktesche Material op engem Stand present.

Zu der LuxDidac gehéieren awer och, wéi all Joer, eng Rei Formatiounen an eng Konferenz, déi an dëser Woch stattfanne wäerten.

D'Formatioune fannen all um Siège vum SNE/CGFP statt, direkt vis-à-vis vun der Ausstellung.

D'Formatioune stinn dëst Joer all ënnert dem Zeeche vun der kënschtlecher Intelligenz.

### 3. Kënschtlech Intelligenz

Jo, kënschtlech Intelligenz, dat ass en Thema, dat eis alleguer betrëfft.

Jo, kënschtlech Intelligenz wäert och eist d'Schoulhale veränneren.

Mir liewen an enger Zäit, wou d'Technologie sech immens séier entwéckelt.

Kënschtlech Intelligenz ass haut net méi just Science-Fiction.

Nee, kënschtlech Intelligenz ass haut schonn en Deel vun eisem Alldag.

Wa mir eisen Handy manipuléieren, wa mir eng App benotzen, oder wa Reklamme bei Social Media eis Saache proposéieren, a wou mir eis Frou stellen, wéi wëssen déi dat dann nëmmen.

All dat ass kënschtlech Intelligenz.

D'Fro, déi sech awer och stellt ass déi, wéi kënschtlech Intelligenz net nëmme generell eist Liewen, mee och eis Schoul wäert veränneren.

Wat fir Konsequenzen huet kënschtlech Intelligenz fir eis Kanner, fir d'Léierpersonal, fir eis Schoul an awer och fir eis ganz Gesellschaft?

Mee wat ass eigentlech kënschtlech Intelligenz?


KI ass keen Zaubertrick, et ass och kee Roboter, dee léiert, wéi e Mënsch ze denken.

Bei der KI geet et ëm Systemer, déi grouss Quantitéiten un Donnéeën analyséieren, Muster erkennen an Entscheedunge virschloe kënnen.

KI kann dem Enseignant hëllefen, seng Klass besser ze erfaassen, ze erkennen, wou e Schüler Schwächten huet a kann esouguer déi passend Übungen zu deene Schwächt proposéieren.

Awer eppes däerfe mir net vergiessen: KI ass en Tool – e Mëttel.






Mee déi wichtegst Roll an der Schoul wäert ëmmer beim Enseignant bleiwen.

Eis Schoule stinn aktuell viru groussen Erausfuerderungen :

Ganz heterogen Klassen, ëmmer méi Kanner mat spezifesche Besoinen an héich, oft och ze héich Erwaardungen un d'Enseignanten.

D'Schoul an d'Enseignantë solle jo am Fong alles reegelen.

D'Léierpersonal schafft mat grousse Engagement – awer och ënner grousse Drock.

An hei kann d'KI ënnerstëtzen.

Ënnerstëtze jo, awer net ersetzen.

KI kann entlaaschten an hëllefen.

KI kann erkennen, bei wat meng Klasse Problemer huet.

KI kann all menge Schüler automatesch e personaliséierte Parcours generéieren.

KI kann d'Resultater vun de Schüler analyséieren.

KI kann orthographesch Feeler erkennen, strukturell Problemer analyséieren, an och e Feedback ginn.

Am Enseignement geet et jo bekannterweis net nëmmen ëm Richteg oder Falsch – mee och ëm de Firwat a Wéi.

Wéi gesot, KI kann hëllefen an entlaaschten.

Vläicht ass jo eng vun de positive Konsequenze vum Asaz vun der KI an der Grondschoul, dass den Enseignant nees méi Zäit kritt, fir all Kand kënne gerecht ze ginn.

Och wat d'Schaffe mat EBS-Kanner ubelaangt, esou wäert d'KI ganz sécher Vereinfachunge mat sech bréngen.

KI wäert awer och eng Ënnerstëtzung kënne si fir den Enseignant beim Erstelle vu Materialien, beim Organiséiere vun den Aufgaben, oder esouguer bei der Bewäertung vun de Schüler.

D'KI wäert dem Enseignant bei der Differenzéierung hëllefen, fir dass dat individuellt Léiere méi einfach kann ugepasst ginn un de Léierrhythmus an un d'Fäegkeete vum Schüler.

D'Schüler, déi méi Zeit brauchen, sollen déi jo och kréien an däerfen op kee Fall hannen dru gelooss ginn.

Doduercher dass d'KI dem Enseignant eng Rei vu repetitiven Aarbechten ewech wäert huelen, kritt den Enseignant nees méi Zäit fir dat individuellt Léiere mat engem Schüler an awer och fir de pedagogeschen Austausch mat senger Ekipp.

D'KI kann eng reell Hëllef fir d'Enseignantë sinn, fir dass d'Schoul eng modern an dynamesch Plaz bleift, déi net isoléiert ass, mee an enkem Austausch mat der Gesellschaft a mat der Welt vun haut a muer bleift.

Natierlech ass bei der KI awer och net alles positiv oder ouni Geforen.

Nee, d'KI bréngt natierlech och Risiken a Gefore mat sech.

- Zum Beispill am Beräich vum Dateschutz: Wou ginn all d'Informatioune vun de Schüler gespäichert?
- Reproduzéiert d'KI net vläicht Ongläichheeten?
- Verléiere mir duerch d'KI net vläicht de mënschlechen Touch?
- Huet all Schoul déi selwecht technologesch Mëttelen?

Fir dass d'KI richteg am Enseignement an an de Schoulen agesat gëtt, brauche mir kloer Reegelen, ethesch Richtlinnen, a virun allem Formatioun fir d'Enseignanten.


KI ass nëmmen esou gutt wéi déi Leit,. déi se benotzen.

D'Zukunft gëtt net vun Algorithme geschriwwen – mee vun de Choixen, déi mir haut treffen.

D'Fro ass net « Soll KI an d'Schoul kommen? », well si ass schonn do an dat kréie mir net méi ewech – mee « Wéi brénge mir d'KI verantwortlech an d'Schoul? »

Dofir däerfen d'Enseignanten net eleng gelooss ginn, mee si musse begleet ginn.

D'Enseignanten, d'Elteren, déi politesch Responsabel an all déi aner schoulesch Acteure musse bei der Benotzung vun der KI un engem Strang zéien.



Léif Nolauschterer,

D'Kënschtlech Intelligenz ass keng Gefor, wa se mënschlech geleet gëtt.

Si kann eng Hëllef sinn – eng Chance – fir eis Kanner nach besser ze begleeden.

Mee dofir brauch et visionär Entscheedungen, eng kloer Rumm, an awer och Vertrauen an d'Enseignanten.

Loosse mir zesumme schaffen, fir eng intelligent Schoul – net nëmme mat Technologie, mee och mat Häerz an Ethik.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

Ech ginn d'Wuert elo weider un de Raoul Scholtes, President vun der FEDUSE-Enseignement/CGFP

Patrick Remakel, President SNE/CGFP



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP






LUX VOYAGES



Chamäleon




# NAMIBIA – SOSSUSVLEI UND ETOSHA ENTDECKEN


Erleben Sie in knapp zwei Wochen die ganze Schönheit Namibias: die höchsten Dünen der Welt im Sossusvlei, die koloniale Atmosphäre von Swakopmund und unvergessliche Safari-Abenteuer im Etosha-Nationalpark. Beobachten Sie Elefanten, Giraffen und Löwen aus nächster Nähe, genießen Sie spektakuläre Sonnenuntergänge über der Savanne und lassen Sie sich vom leuchtenden Sternenhimmel verzaubern.





## HIGHLIGHTS:

- Erlebnisreise mit höchstens 12 Gästen
- Safaris im Etosha-Nationalpark und in privaten Wildparks (Geländewagen und zu Fuß)
- Besuch der Onjala-Sternwarte und des Leuchtturmprojekts „Penduka" für schutzbedürftige Frauen
- Deutschsprachige Reiseleitung



**Reisepreis ab: 3.699 € pro Person im Doppelzimmer,** inklusive

- 14 Tage (27.02.-12.03. / 13.03.-26.03. / 22.03.-04.04. / 15.05.-28.05.)
- Bahnanreise zum/vom Abflugort in der 1. Klasse
- Flug ab/bis Frankfurt (ab/bis Luxemburg zubuchbar)
- Linienflug mit Discover Airlines nach Windhoek und zurück
- 11 Übernachtungen auf Gästefarmen, in Lodges, in Gästehäusern und in einem komfortablen Holz-Chalet in der Namib-Wüste
- Täglich Frühstück, mehrere Mittag- und Abendessen





LUX VOYAGES s.à r.l.
25-A, boulevard Royal ▪ L-2449 Luxembourg
Tel.: 47 00 47 - 1 ▪ info@luxvoyages.lu

Gerne beraten wir Sie und stellen Ihnen die ausführliche Reisebeschreibung dieser und einer Vielfalt anderer Chamäleon-Reisen vor.
Wenden Sie sich einfach an Lux Voyages, Ihre CGFP-Reiseagentur.


R-Eco, le prêt validé par la nature.
Pour vos projets de rénovation écologique ou d'installation énergétique.
Panneaux solaires, pompe à chaleur, travaux d'isolation...
Nous vous accompagnons dans vos projets visant à contribuer à un avenir plus durable.
Rendez-vous sur www.raiffeisen.lu.
Raiffeisen
R-Eco


Wo steuern Sie hin?
Bausparen – Steuern sparen
Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651
Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.
BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu
BHW

A-4278/25-36
Doc. parl. n° 8587

CHFEP
Chambre des fonctionnaires et employés publics

# AVIS

**du 15 octobre 2025**

**sur**

**le projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental**

**et sur**

**le projet de règlement grand-ducal portant modification:**

**1° du règlement grand-ducal modifié du 14 mai 2009 déterminant les informations relatives à l'organisation scolaire que les communes ou les comités des syndicats scolaires intercommunaux doivent fournir au ministre ayant l'Éducation nationale dans ses attributions ainsi que les modalités de leur transmission;**

**2° du règlement grand-ducal modifié du 6 juillet 2009 déterminant les modalités d'évaluation des élèves ainsi que le contenu du dossier d'évaluation;**

**3° du règlement grand-ducal modifié du 11 août 2011 fixant le plan d'études pour les quatre cycles de l'enseignement fondamental**

Par deux dépêches du 14 juillet 2025, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a demandé l'avis de la Chambre des fonctionnaires et employés publics sur le projet de loi et le projet de règlement grand-ducal spécifiés à l'intitulé.

Les textes du projet de loi et du projet de règlement grand-ducal s'inscrivent dans le cadre de la réforme « *ALPHA - zesumme wuessen* », qui vise à diversifier les parcours linguistiques dans l'enseignement fondamental en offrant à côté de la filière d'alphabétisation en allemand une filière d'alphabétisation en français.

Le projet de loi sous avis a pour objet d'introduire une base légale pour l'alphabétisation en français à côté de l'alphabétisation en allemand, en donnant aux parents la possibilité de choisir à l'issue du premier cycle, sur recommandation du titulaire de classe, la langue d'alphabétisation de leur enfant. Il fixe en outre un calendrier progressif de 2026 à 2030, pour déployer la réforme, cycle par cycle, dans l'enseignement fondamental.

Le règlement grand-ducal spécifié à l'intitulé vise à modifier trois règlements grand-ducaux pour les adapter aux principes de la réforme « *ALPHA - zesumme wuessen* ».

**Considérations générales**

*La Chambre accueille favorablement, dans son principe, l'introduction de l'alphabétisation en français dans les écoles fondamentales du Luxembourg.* Dans un contexte marqué par une grande diversité linguistique, elle reconnaît la pertinence d'élargir les possibilités d'alphabétisation dans l'enseignement fondamental et comprend la volonté politique de prendre en compte la réalité plurilingue du Grand-Duché.

*Cependant, elle considère qu'une généralisation trop rapide et peu nuancée de la réforme « ALPHA - zesumme wuessen » ne serait pas opportune dans la situation actuelle des écoles.* En effet, les écoles fondamentales sont confrontées à l'heure actuelle à de nombreux défis qui demeurent souvent sans solutions satisfaisantes. *Ces difficultés concernent notamment la mise en œuvre de l'inclusion, la prise en charge d'élèves présentant des troubles du comportement ainsi que la gestion d'une hétérogénéité croissante au sein des classes.*

Face à ces enjeux, beaucoup d'enseignants travaillent aujourd'hui à la limite de leurs capacités, voire au-delà de cette limite. Cette surcharge prolongée affecte

significativement leur bien-être, sur le plan tant physique que psychologique. L'introduction d'une réforme d'une telle envergure risquerait d'accroître encore cette surcharge et, par conséquent, de compromettre les chances de réussite de la réforme.

*La Chambre estime dès lors qu'il serait préférable d'adopter une approche progressive, en laissant aux écoles qui se sentent prêtes à relever ce défi, ou qui identifient un réel besoin d'alphabétisation en français, la possibilité d'adhérer volontairement au projet.* Dans chaque direction de région, on pourrait déterminer les écoles désirant mettre en œuvre le projet « *ALPHA - zesumme wuessen* ». Cette phase d'introduction graduelle permettrait d'élargir le réseau des écoles pilotes, de disposer d'un plus grand échantillon d'écoles pilotes, de tirer profit de leurs expériences, et, à terme, de parvenir à une généralisation réussie de l'alphabétisation en français comme voie parallèle au niveau national.

**L'option d'une alphabétisation en allemand en tant que langue étrangère**

Tout en reconnaissant que l'alphabétisation en français peut présenter des avantages pour une partie de la population scolaire luxembourgeoise – notamment en renforçant la motivation et la confiance en soi des élèves lorsque la langue d'alphabétisation se rapproche de la langue parlée au quotidien – *la Chambre tient néanmoins à souligner que l'alphabétisation en français ne constitue pas la seule piste envisageable.*

*L'option d'une alphabétisation en allemand en tant que langue étrangère (Deutsch als Fremdsprache) constitue une alternative viable* et aurait également mérité d'être considérée. Au cours des dernières années, la population scolaire s'est considérablement diversifiée. *De plus en plus d'élèves grandissent dans des familles dont la langue maternelle n'a que peu, voire aucun lien avec le français.*

Pour ces enfants, un apprentissage initial de la lecture et de l'écriture en allemand, associé à *un enseignement structuré de l'allemand en tant que langue étrangère, semble offrir des perspectives nettement plus favorables.*

**Défis spécifiques liés à l'alphabétisation en français**

La Chambre estime également nécessaire de rappeler que l'alphabétisation en français comporte certains désavantages en comparaison avec une alphabétisation en allemand.

En effet, *le français présente une orthographe plus irrégulière et une correspondance graphème-phonème plus complexe que l'allemand.* Ce fait rend l'acquisition des compétences de base en lecture et en écriture plus exigeante et, partant, risque d'affecter davantage les élèves ayant des besoins éducatifs spécifiques, ainsi que ceux qui disposent de moins de ressources linguistiques ou d'un environnement familial moins favorable à l'accompagnement scolaire.

**Manuels et ressources pédagogiques**

L'exposé des motifs, qui accompagne le projet de loi sous avis, indique que les « *équipes du SCRIPT poursuivent, en étroite collaboration avec les enseignants, le développement de ressources adaptées à la diversité linguistique et aux besoins du terrain. Les manuels et supports développés dans le cadre du projet pilote seront révisés, enrichis et* ***progressivement*** *mis à disposition des écoles* ».

La Chambre tient à exprimer ses réserves face à cette approche. *Elle regrette que les manuels et supports développés dans le cadre du projet pilote ne soient introduits que de manière progressive, ce qui crée une situation d'incertitude pour les enseignants.* Ceux-ci devraient pouvoir disposer dès le départ d'une vue d'ensemble sur l'intégralité des manuels et autres supports pour pouvoir planifier et organiser de manière cohérente les apprentissages de leurs élèves, notamment en ce qui concerne les langues française et allemande.

En l'absence d'outils pédagogiques couvrant l'ensemble des cycles, les enseignants se trouvent contraints de travailler avec des ressources partielles et provisoires, sans pouvoir anticiper de manière cohérente la progression des apprentissages. *Cette situation engendre une forme de « navigation à vue », qui risque de compromettre la continuité pédagogique et d'affaiblir la qualité de l'enseignement.*

Aux yeux de la Chambre, il est essentiel que le ministère veille à mettre à disposition, avant toute généralisation du dispositif, un ensemble complet et structuré de manuels et supports didactiques couvrant la totalité de l'enseignement fondamental.

**Impacts**

- **sur l'organisation scolaire**

La Chambre attire l'attention sur les incidences qu'aurait la généralisation de l'alphabétisation en français à l'échelle nationale sur l'organisation scolaire des écoles fondamentales.

En premier lieu, elle souligne que l'organisation interne des classes s'en trouverait considérablement complexifiée. La mise en place de groupes distincts en fonction de la langue d'alphabétisation nécessite une planification supplémentaire au niveau des horaires, de l'utilisation des locaux et de l'affectation des enseignants. *La Chambre souligne que la charge administrative supplémentaire liée à l'élaboration d'organisations scolaires plus complexes pèserait principalement sur les comités d'école et, en particulier, sur leurs présidents.* Il convient de rappeler que les missions et attributions des présidents d'un comité d'école se sont continuellement élargies depuis la réforme scolaire de 2009. Partant, la Chambre est d'avis que la charge de travail additionnelle engendrée entre autres par la généralisation du projet « *ALPHA -*

*zesumme wuessen* » devrait être amortie par un renforcement adéquat des moyens administratifs, notamment par la mise en en place d'un secrétariat.

- **sur les capacités d'encadrement**

En second lieu, la mise en place de deux voies d'alphabétisation suppose une organisation adaptée au niveau des ressources humaines. Or, ce déploiement intervient dans un contexte où certaines écoles peinent déjà à l'heure actuelle à disposer d'un corps enseignant pleinement pourvu et qualifié.

Dans cette optique, *la Chambre s'oppose à toute tentative de pallier d'éventuelles pénuries de personnel en réduisant les mesures d'appui existantes – notamment par la conversion d'heures d'appui pédagogiques en leçons d'enseignement direct –* afin de réaffecter ces ressources à la généralisation du projet « *ALPHA - zesumme wuessen* ». Une telle approche mettrait en péril l'accompagnement pédagogique des élèves les plus vulnérables et risquerait d'accentuer les inégalités scolaires.

!

- **sur les besoins en infrastructures scolaires**

La Chambre estime que la généralisation du projet « *ALPHA - zesumme wuessen* » entraînera également des répercussions au niveau des besoins en infrastructures scolaires. En effet, les écoles devront disposer d'espaces supplémentaires afin d'accueillir simultanément les groupes d'alphabétisation en allemand et en français. Cette exigence risque de poser des défis considérables à un certain nombre de communes, dont les établissements scolaires souffrent déjà à l'heure actuelle d'un manque d'espaces, notamment pour l'organisation de mesures d'appui ou d'activités différenciées.

**Organisation pédagogique**

Le projet de loi sous avis prévoit la mise en place de « *groupes de différenciation intégrés dans une classe commune* ». L'enseignement de l'alphabétisation, des langues et des mathématiques serait organisé en « *groupes alpha* » selon la langue choisie, tandis que les autres domaines de développement et d'apprentissage (le luxembourgeois, les sciences, vie en société, les arts, les sports) seraient dispensés aux élèves dans des classes mixtes réunissant des élèves alphabétisés dans les deux langues. Si la Chambre peut comprendre l'objectif de favoriser la cohésion et la richesse des échanges entre élèves, elle souligne néanmoins que cet aménagement complexifie fortement l'organisation scolaire, notamment l'établissement des horaires qui doivent être étroitement synchronisés entre les groupes alpha et les activités communes. *Aux yeux de la Chambre, les contraintes liées à l'élaboration des horaires pourraient être atténuées en laissant aux écoles la possibilité d'organiser, en fonction des circonstances locales, des classes soit mixtes, soit homogènes.*

La Chambre se prononce en faveur de la mise en place de classes homogènes pour l'ensemble des domaines d'apprentissage lorsque les effectifs le permettent.
La Chambre considère en particulier que la mixité linguistique pose problème dans les domaines où la langue joue un rôle plus central. Alors que cette mixité peut être gérable dans des domaines moins dépendants de la langue (par exemple: les sports ou les arts), elle risque d'engendrer une surcharge linguistique en sciences. En effet, en plus des explications orales généralement données en luxembourgeois, il faudrait prévoir des consignes et du vocabulaire technique dans les deux langues d'alphabétisation. *La Chambre attire l'attention sur la complexité que cela représente pour les élèves, notamment pour ceux qui présentent des difficultés d'apprentissage, lorsqu'ils sont simultanément confrontés à trois langues différentes.* À titre d'exemple, dans le cadre du traitement en classe du thème « *L'écureuil* » au cycle 2, les élèves devraient assimiler parallèlement les termes « *Kaweechelchen* », « *écureuil* » et « *Eichhörnchen* ».

**Choix de la langue d'alphabétisation et mobilité entre filières**

La réforme « *ALPHA - zesumme wuessen* » prévoit que les parents choisissent la langue d'alphabétisation de leur enfant. Ce choix intervient au cours du 5e trimestre du cycle 1, sur la base d'un entretien structuré avec le titulaire de classe, après que l'équipe pédagogique a formulé une recommandation professionnelle. Toutefois, le choix final revient exclusivement aux parents, le rôle de l'équipe pédagogique se limitant à une simple fonction consultative.

La Chambre s'interroge sur la pertinence de cette approche: garantit-elle réellement que les enfants dont la langue maternelle est proche de l'allemand seront majoritairement orientés vers une alphabétisation en allemand, tandis que ceux dont la langue maternelle est proche du français seront orientés vers une alphabétisation en français?

*Il existe un risque que des considérations autres que linguistiques influencent la décision des parents.* Par exemple, des familles luxembourgeoises pourraient opter pour l'alphabétisation en français, bien que le luxembourgeois soit plus proche de l'allemand, simplement parce qu'elles estiment que le français jouera un rôle plus important dans la vie professionnelle future de leur enfant.

La Chambre soulève également la question de la mobilité entre les deux filières d'alphabétisation. Que se passera-t-il si les parents réalisent, après un ou deux trimestres, que le choix initial ne correspond pas aux besoins de leur enfant? Cette problématique pourrait se poser à tout moment du parcours à l'école fondamentale. Il conviendrait donc de préciser quelles passerelles seront mises en place entre les deux filières et selon quels critères un changement de filière pourra être envisagé.

**L'objectif du bilinguisme équilibré à l'issue du cycle 4**

Le commentaire de l'article 4 du projet de loi sous avis indique qu'au cycle 4, « *les élèves poursuivent leurs apprentissages dans leur classe sans distinction selon la langue d'alphabétisation initiale. L'enseignement n'y fait plus l'objet d'une organisation distincte selon la langue d'alphabétisation ou la deuxième langue, celles-ci ayant été introduites et consolidées lors des cycles précédents. Le cycle 4 marque ainsi un moment d'unification curriculaire et langagière, qui reflète l'objectif d'un bilinguisme équilibré à l'issue de l'enseignement fondamental* ».

La Chambre émet de sérieux doutes quant à la faisabilité de cet objectif. *Elle juge peu réaliste de considérer que les élèves alphabétisés en français puissent atteindre, dès la fin du cycle 3.2, un niveau de compétence en allemand comparable à celui des élèves alphabétisés en allemand. Inversement, les élèves alphabétisés en allemand n'atteindront guère le même niveau de maîtrise de français que ceux ayant été alphabétisés en français.*

Dès lors, la Chambre considère qu'il semble ambitieux de présumer que les deux groupes d'élèves puissent atteindre un niveau de compétences équivalent dans les deux langues à la fin du cycle 3.2. Il est plus probable que les élèves alphabétisés en français conservent un avantage durable en français, tandis que ceux alphabétisés en allemand resteront plus performants en allemand. Or, la convergence attendue dans le projet de loi supposerait un rattrapage linguistique considérable en un temps relativement restreint (jusqu'à la fin du cycle 3.2).

*La Chambre souligne qu'il est dès lors peu probable que les élèves issus des deux filières abordent le cycle 4 sur un pied d'égalité.* Elle estime, par conséquent, qu'il serait prématuré de planifier une unification curriculaire et langagière au cycle 4 sans disposer de données empiriques solides démontrant que les écarts de compétences entre les deux groupes peuvent effectivement être résorbés au cours des cycles précédents.

**Évaluation du projet « *ALPHA - zesumme wuessen* »**

La Chambre tient à souligner que les 144 élèves actuellement inscrits dans les classes pilotes du projet pilote « *ALPHA - zesumme wuessen* », répartis entre les écoles fondamentales de Differdange, Dudelange, Larochette et Schifflange, n'auront pas encore achevé l'intégralité du parcours de l'enseignement fondamental jusqu'au cycle 4.2 à la rentrée 2026-2027, échéance envisagée pour une généralisation nationale du projet.

À ce jour, les évaluations disponibles, sur lesquelles repose le présent projet de loi, se limitent aux observations et résultats obtenus à la fin du cycle 2. Bien que les rapports d'évaluation publiés en juillet 2025 par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse fassent état de constats encourageants, la Chambre estime que ces données demeurent partielles et ne permettent pas d'avoir une vision complète de l'impact du projet sur la réussite des élèves, notamment en ce qui concerne le passage de l'enseignement fondamental vers l'enseignement secondaire. Cette étape charnière constitue un indicateur essentiel de la réussite éducative et de la pertinence des approches pédagogiques mises en œuvre.

La Chambre souligne d'autre part que l'introduction d'une alphabétisation en français à l'école fondamentale pourrait avoir des répercussions sur l'organisation et les contenus de l'enseignement secondaire. Elle invite dès lors le ministère à engager une réflexion approfondie sur les implications potentielles à ce niveau d'enseignement.

*Dans cette optique, la Chambre estime qu'il aurait été opportun d'attendre les résultats des élèves aux épreuves communes organisées au niveau national en fin de cycle 4.2, ainsi que les données relatives à l'orientation scolaire, avant de statuer sur une éventuelle extension du projet à l'échelle nationale.*

En l'absence de ces éléments essentiels, la Chambre craint que la réforme « *ALPHA - zesumme wuessen* » ne repose sur une base empirique encore trop limitée pour garantir une mise en œuvre bénéfique pour l'ensemble du système éducatif.

*Tout en n'écartant pas le principe d'une alphabétisation en français, la Chambre des fonctionnaires et employés publics s'oppose au projet de loi et au projet de règlement grand-ducal dans leur forme actuelle.*

Ainsi délibéré en séance plénière le 15 octobre 2025.

| | |
|---|---|
| Le Directeur, | La Présidente, |
| G. TRAUFFLER | M. GUIRSCH |

# Avis vun der CHFEP zu der Reform Alpha

## E Kommentar

Zu Lëtzebuerg huet een eng wonnerbar Traditioun: wann e System net perfekt ass, reforméiere mir en esou laang, bis keen e méi erëmerkennt. Elo ass also d'Alphabetiséierung drun. De Projet « ALPHA – zesumme wuessen » soll de Kanner d'Méiglechkeet ginn, net nëmmen op Däitsch, mee och op Franséisch liesen a schreiwen ze léieren. Dëst alles an der Optik, fir der Diversitéit an den ënnerschiddleche Sproocherealitéite gerecht ze ginn. Um Pabeier gesäit et gutt aus, an der Klass kéint et awer ganz anescht ausgesinn!

### Eng Reform, déi méi séier uleeft, wéi d'Schoule sech upasse kënnen

D'*« Chambre des fonctionnaires et employés publics »* huet sech d'Reform ugekuckt, an hiren Avis liest sech wéi e klassesche lëtzebuergeschen Déjà-vu: vill Idealismus, wéineg Zäit, an nach manner Mënschen, déi se ëmsetze kënne bzw. wëllen (?). D'Schoule sti schonn elo ënner Drock – Inklusioun, Differenzéierung, Kanner mat Verhalensproblemer, Personalknappheet. An elo soll nach eng Strukturreform drop kommen, déi zwee Systemer parallel lafe léist?

D'Kammer seet et relativ diplomatesch: eng **« généralisation trop rapide et peu nuancée »** wär net opportun. **Eng fräiwëlleg, gestaffelt Aféierung wär méi raisonnabel.**

### Eng zwee-Sprooche-Reform ouni déi néideg Ressourcen

De Projet wëllt, datt d'Elteren d'Sprooch vun der Alphabetiséierung wielen: Däitsch oder Franséisch. Eng flott Iddi, op d'mannst um Pabeier. Mee d'Kammer freet sech: wéi vill Eltere maachen dës Wiel opgrond vu sproochleche Besoinen – a wéi vill aus Image- oder Karriärschancen eraus? Wie wëllt haut nach, datt säi Kand « nëmmen » op Däitsch léiert, wann de potentiell zukünftege Studium op Franséisch soll absolvéiert ginn?

Nach méi delikat gëtt et beim Personal. Vill Schoulen hunn **elo schonn net genuch Enseignanten**. Eng Reform, déi zwee parallel Systemer erfuerdert, misst also eigentlech och bal zweemol esou vill Léierpersonal hunn... An der Praxis, esou d'Kammer, riskéiert dat awer just **op Käschte vum Appui** ze goen – also vun deem Hëllefsunterricht, deen déi schwaachst Kanner stäipt a fërdert. An esou gëtt eng Reform, déi Chancë gläichstelle soll, séier zu enger, déi nei Ongerechtegkeete schaaft.

E wichtegt Argument aus dem Avis gëtt an der ëffentlecher Debatt iwwersinn an mir hunn schonn e puermol dropp higewisen: Franséisch ass, didaktesch gesinn, **vill méi komplex wéi Däitsch**. D'Bezéiung tëscht Laut a Buschtaf ass onreegelméisseg, d'Reegele voller Ausnamen. D'Kammer schreift, datt d'Liesen- an Schreiweléieren am Franséische **méi usprochsvoll** ass, a virun allem Kanner mat Léierschwieregkeeten oder wéineg familiärer Ënnerstëtzung riskéieren, méi séier ze scheiteren. Dëst si keng nei Erkenntnisser a goufen an all Bildungsbericht bis dato ugeprangert.

D'Gefor ass also reell: mir schafen e System, wou déi staark Kanner e bësse méi optesche Glanz kréien – an déi schwaach nach méi hannendrufalen. D'Reform soll d'Barrièren ofbauen, mee kéint se **just an enger anerer Sprooch nei opsetzen**.

D'Kammer schreift et mat enger Diskretioun, déi bal zynesch ass: d'Léiermëttelen, d'Schoulbicher, d'Didaktik wären « an Entwécklung ». **An dat heescht: nach net do!** D'Enseignantë sollen also




ufänken, ze alphabetiséieren – mat Material, dat eréischt **progressiv** geliwwert gëtt. De Begrëff « Navigatioun op Siicht » fällt am Avis. Déi, déi an de Schoule schaffen, kennen dat: et ass déi lëtzebuergesch Form vu Reformmanagement.

An esou geet et weider: d'Schoule mussen zwee Horairen entwéckelen, méi Raim organiséieren, d'Kanner a Sproochegruppen trennen an erëm zesummeféieren. D'Kammer schreift, datt dat d'Schoulorganisatioun **massiv komplizéiert** a virun allem **d'Comités-d'écolen iwwerlaascht**, déi schonn zënter 2009 ëmmer méi Verantwortung ouni weider Ressourcen droen. Eng kleng Linn am Avis, déi awer vill seet: et bräicht ee **« Renforcement des moyens administratifs »**. Awer natierlech gëtt et dat net. Et gëtt just méi Dëscher mat Pabeier drop. Mee och hei: Bürokratie ass den Enseignantë kee Friemwuert.

De Projet wëllt « Mëschklassen », wou Kanner aus béide Filièren zesummekomme fir verschidde Fächer, an dann nees getrennt gi fir d'Sproocheléieren. Op der Folie gesäit dat no « Cohésion » aus – a Wierklechkeet no **sproochlechem Duercherneen**. D'Kammer schreift, datt d'Mixitéit an de sproochintensive Fächer wéi Naturwëssenschaften **eng Iwwerfuerderung** kéint ginn.

D'Gesetz geet dovun aus, datt béid Gruppen – déi ,déi op Franséisch an déi, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn – bis Enn vum Cycle 4 **gläich gutt Däitsch a Franséisch** beherrsche sollen. D'Kammer nennt dat op gutt Lëtzebuergesch « peu réaliste ». Et wär « ambitiéis ze presuméieren », datt dat tatsächlech klappt. Wuel méi éierlech wär ze soen: dat ass **didaktesch onméiglech**, mee et kléngt halt gutt, a politesch Discoursen hale sech besser, wa se net ze vill mat Realitéit belaascht sinn.

### Wat ass also de Fazit?

**D'Kammer leent de Gesetzesprojet an senger aktueller Form of**, mee net d'Iddi!

A genee do läit de Kär: keen ass géint Franséisch, kee géint Méisproochegkeet. Mee déi, déi an der Schoul stinn, wëssen, datt **eng Iddi just esou gutt ass wéi hir Ëmsetzung**.

Ech hunn d'Gefill, mir sinn an enger Endlosschleif: Pilotprojet, Begeeschterung, Pressedossier, a fënnef Joer drop eng nei Reform. Keng Evaluatioun, déi de Numm verdéngt a keng Kanner am Cycle 4, déi eis beweisen, datt dësen ambitiéise Projet tatsächlech en Erfolleg wäert sinn.

D'Reform kéint vill bréngen – wa se Zäit, Ressourcen a Courage hätt. A bis dohi bleift de Motto leider net *« zesumme wuessen »*, mee éischter: **« zesummen iwwerliewen »**.

**#netesou**



De Claude Schmit
ass Member vum Comité central
vum SNE/CGFP.

MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE

# Entdeckt 3 km Minn mat der Gouwebunn & zu Fouss



- fir Gruppen bis 31 Leit an interactiv Visitte fir d'Kanner dat ganz Joer
- fir indiviuell Visiteuren vun Abréll bis Juni an am September: vun Donneschdes bis Sonndes
- am Juli an August: vun Dënschdes bis Sonndes
- vum Januar bis Mäerz an Oktober bis Dezember all Sonndeg

Detailléiert Informatiounen:
**www.mnm.lu**

**Méi séier informéiert**

Suivéiert d'CGFP op **Twitter**

**@Cgfp_lu**

boesner perl auf **3.200 m²** alles was kunst braucht

**boesner GmbH Perl**
Nenniger Str. 10
D-66706 Perl-Besch
Tel. 0049 68 67 - 9 11 00
perl@boesner.com






LUXEMBOURG SCIENCE CENTER

100 STATIONS INTERACTIVES

20 SPECTACLES SCIENTIFIQUES

## SORTIES SCOLAIRES

www.science-center.lu

GRATUIT pour les écoles publiques (Lux.)

Lundi – Vendredi
9h00 - 17h00
Samedi, Dimanche & jours fériés
10h00 - 18h00

DIFFERDANGE
1, rue John Ernest Dolibois
LUXEMBOURG +352 28 83 99 1

PLAN D'ÉTUDES
ÉCOLE FONDAMENTALE

syndicat national des enseignants cgfp

# Plan d'études 25
Versioun vum 14/10/2025

# AVIS VUM SNE/CGFP

## Allgemeng Iwwerleeungen

- Den neie Plan d'études (PE) ass méi iwwersiichtlech. D'Texter si méi einfach geschriwwen an op déi Manéier méi verständlech, mat grousser Warscheinlechkeet och fir Net-Enseignanten, besonnesch och fir d'Elteren. Et wier deemno sënnvoll, d'Grondzich vum Curriculum och den Eltere méi no ze bréngen, z.B. iwwer Infomaterial.

- Ass et richteg, datt d'Bilanen, wat d'Formuléierung vun de Soclen/Niveaue betrëfft, un de PE ugepasst ginn? Déi Duerstellung vu Socle atteint/Niveau avancé ass am aktuelle Bilan net onbedéngt am Aklang mam neie PE. An eisen Ae wäert dat fir Confusioun suergen.

- D'Dokument liwwert Erklärungen doriwwer, wéi een *Niveau socle* oder *Niveau avancé* ze interpretéieren ass. Dat ass sënnvoll an hëlleft, Interpretatiouns-Divergenzen wäit besser z'evitéieren, wéi déi aktuell Dokumenter dat zouloossen. D'Praxis wäert weisen, datt och an dësem Dokument Interpretatiouns-Spillraim bleiwen. Deem kéint een doduerch begéinen, datt een no enger éischter Analys/éischte Praxiserfarungen d'Formulatiounen iwwerschafft.

- Et gëtt keng laang Opzielunge vun Inhalter a Schlagwierder méi. Dëst dréit zur Lieserlechkeet vum PE bäi a verhënnert och, datt Enseignanten sech ënner Drock gesat spieren, méiglechst villes vun deem onbedéngt wëllen ëmzesetzen. Doriwwer eraus ginn déi Opzielunge séier als onnëtz empfonnt, eebe well et just Opzielunge sinn.

- *Note méthodologique* (S.6) a *Glossaire* (S.48-50) sinn héich nëtzlech Zousazkapitelen an hëllefen och, d'Dokument méi benotzerfrëndlech ze maachen an déi genannten Interpretatiouns-Spillraim ze reduzéieren.

- Mir begréissen den Usaz vun enger eenheetlecher Approche fir den Enseignement vun deenen zwou Sproochen Däitsch a Franséisch, déi am neie PE ënnert dem Beräich *Langues* zesummegefaasst ass.

- Et ass wichteg a richteg, datt een Akzent op transversaalt Schaffe geluegt gëtt. Doriwwer eraus ass et sënnvoll, datt och Zäit fir transversaalt Schaffen an de Curriculum agerechent gëtt. Dat hëlt den Enseignanten déi dach verbreeten Angscht, dem „Programm" net kënne gerecht ze ginn an zevill Zäit ze „verléieren", obwuel mir eis natierlech bewosst sinn, datt an transversaalt Schaffen investéiert Zäit net verluer ass.

- Et läit en Akzent op der pädagogescher Autonomie vun den *Équipes pédagogiques*, wat mir begréissen. Dëst ass en Uleies, wat dem SNE/CGFP nach ëmmer ganz wichteg war an ass. Et bleift ze hoffen, datt dës Autonomie net duerch déi geplangten Outilë vun der digitaler Plattform ënnergruewe gëtt.



## Déi nei digital Plattform

- Déi geplangten digital Plattform ass e ganz ambitiéise Projet a gläichzäiteg ee wichtege Pilier an deem ganze Konzept. Dës Plattform kéint Flexibilitéit am Ëmgank mam Curriculum erméiglechen an et erlaben, Inhalter jee no Bedarf oder Entwécklung vun der Bildungslandschaft séier z'adaptéieren.

- Doriwwer eraus soll déi digital Plattform Beispiller an Aufgabe liwweren, déi illustréieren, wat de PE beschreift. Dëst Element, déi faméis *Exemples de bonne pratique*, hunn am aktuelle PE gefeelt. Et muss natierlech opgepasst ginn, datt déi ugeduechten Hëllefsmëttelen net zu engem renge Rezeptbuch ginn.

Eis als SNE/CGFP stellen sech eng Rei Froen a Bezuch op déi nei Online-Plattform.

- Wéi ass den Ëmgang mat den diversen Hëllefsmëttelen, déi op dëser Plattform sollen zur Verfügung gestallt ginn, wéi de *Générateur d'exercices* oder den *Outil de différentiation*, geduecht?
- Wie wäert dës Modülle mat Inhalt fëllen?
- Op wéi eng pädagogesch Usätz gëtt sech do baséiert?
- Doriwwer eraus muss d'Konformitéit mam PE vun all deene Praxisbeispiller jo garantéiert ginn. Wie mécht do de Suivi?
- Kann deen eenzelnen Enseignant Material zur Verfügung stellen?
- Wie jugéiert, ob dëst Material „gutt" ass?
- Wéi ka verhënnert ginn, datt déi ganz Plattform am Laf vun der Zäit iwwerquëllt?
- Wéi gëtt dat Ganzt aktualiséiert? Sollen do ëmmer nei Inhalter drop kommen?

---

## Aféierung vum neie Plan d'études - Wat nach wichteg ass:

- De MENJE dierf net vergiessen, d'Enseignantë rechtzäiteg mat „an d'Boot" ze huelen an d'Kolleeginnen a Kolleege gutt an ëmfaassend z'informéieren.
D'Enseignanten sinn net onbedéngt dorop virbereet, wat am Dossier PE um SCRIPT bis dato geschafft gouf a weiderhin nach wäert geschafft ginn. D'Enseignantë si mat anere Problemer an hirem Schoulalldag konfrontéiert, déi Asaz a voll Konzentratioun verlaangen an och deem Eenzelne vill ofverlaangen. Do bleift dacks net vill Zäit, sech mat grondleeënden, konzeptuelle Froen auserneenzesetzen.

- Et sief och nach eng Kéier dorop opmierksam gemaach, datt am Laf vun den nächste Méint a Jore vill Neies op d'Enseignanten, d'Kanner an d'Elteren duerkënnt. Nieft engem neie Plan d'études sinn hei d'Alphabetisatioun op Franséisch an déi nei Publicatiounen an der Mathematik an am Däitschen z'erwänen. De MENJE muss sech dësem Ëmstand bewosst sinn an oppassen, datt all Concernéiert matzäiten an ausféierlech iwwert all dës Neierungen an d'Bild gesat ginn. Nëmmen esou ka fir all dës Mesuren och déi onbedéngt néideg Akzeptanz geschafe ginn.

Den SNE/CGFP schwätzt sech fir **eng glächzäiteg Aféierung vum neie PE an deene véier Cyclen** aus. Deen neie PE ass keng „Revolutioun“, mee eng, wann och punktuell méi déifgräifend verännert Versioun vum aktuelle PE an dofir dierft et fir d'Enseignantë kee gréissere Problem sinn, mat deem neie PE ze schaffen. Besonnesch, well deen neie PE méi einfach an iwwersiichtlech an domat méi benotzerfrëndlech ass. Et ass eiser Meenung no besser, een eenheetlecht Dokument fir de ganzen *Enseignement fondamental* ze hunn.

D'Enseignanten aus alle Cyclë sollten d'Méiglechkeet kréien, mat deem neien Outil ze schaffen an et dierft schwéier ze argumentéiere sinn, engem groussen Deel vun den Enseignanten den Zougang zu deenen neie Ressourcen ze refuséieren. D'Enseignantë brauche virun allem e PE, deen e wierklecht Aarbechtsinstrument ass, mat kloer formuléierten Ziler, präzisen Indicateure wat d'Kanner solle kënnen an nëtzlechen a konkreten Hëllefsmëttelen, fir un dësen Ziler an a mat der Klass kënnen ze schaffen.

Et ass fir den SNE/CGFP evident, datt och déi nei Bicher an/oder Materialien a Programmer fir de Sproochen- a Mathematikunterrecht op den neie Plan d'études ausgeriicht musse sinn. Nëmme wann hei Kohärenz besteet, huet den Enseignant Kloerheet fir säi pädagogescht an didaktescht Handelen. An dëst ass eng *conditio sine qua non* fir d'Akzeptanz vum neie PE.

Aus dëser Argumentatioun geet ervir, datt all Enseignant och déi nei digital Plattform direkt sollt kënnen notzen. Mat dësem Outil steet a fält och d'Ëmsetzung vun den Inhalter vum neie PE. Dofir mussen déi Hëllefsmëttelen, déi den Enseignantë sollen zur Verfügung stoen, bis zu der Aféierung vum neie PE kloer duerchduecht a strukturéiert sinn, hiren Notze muss kloer sinn an d'Inhalter mussen eng wierklech *Plus-value* fir den *Enseignement fondamental* duerstellen.



# KI Kompass

## E Schrëtt an déi richteg Richtung

Am Kader vun der Rentrées-Pressekonferenz huet de Minister Meisch den neie KI Kompass presentéiert. An de grousse Linne kann ee soen, dass et sech ëm eng « Rolle rückwärts » handelt an eng Zorte Paradigmewiessel duerstellt. Den iPad, den Handy, d'Medien an d'KI sinn net méi den Nec-plus-ultra a ginn am Fondamental (bildlech!) zréck an de Schaf gestallt. Gutt esou!

Et ass interessant ze liesen, dass d'Strategie op engem 3-Stufe-Modell opbaut:

- **ouni** KI,
- **iwwer** KI,
- **mat** KI,

fir et a ganz einfache Wierder ze soen. Dat erschéngt logesch a konsequent, besonnesch well et a jonke Joren (hei: bis 12 Joer) mol virun allem drëm geet, Kompetenzen ze entwéckelen, déi net vun iergendengem Medium ënnerstëtzt musse ginn. Op senger Ried op der LuxDidac huet de Minister an deem Kontext vun engem « zréck bei déi humanistesch Bildung vun deene Jonke » geschwat.

Wat mir e bësse gefeelt huet beim KI Kompass, ass d'Roll vum Elterenhaus. Et ass wichteg, dass d'Schoul sech eng Strategie gëtt, wéi mir an Zukunft mat de Medien an der KI sollen ëmgoen. Mee wéi gesäit et ausserhalb vun der Schoul aus? Wéi gesäit d'Strategie do aus? Maache mer eis näischt vir: wann d'Kanner um 4 Auer heem kommen an dann 3 Stonnen um Stéck um iPad oder um Handy hänken, dann ass all gutt Initiativ säitens der Schoul wäertlos a verpufft.

### Do ass definitiv nach Nohuelbedarf!

Hellhöreg gouf ech beim Term « kognitiv Veraarmung ». Mir perséinlech huet et gefall, dass de Minister d'Kand beim Numm nennt an hei kloer Wierder fënnt. Et ass wichteg, jidderengem d'Geforen, jo, et ginn och vill Chancen, vun de Medien an der KI virzeweisen. Wee kennt d'Biller net aus der Stat, dem Bus oder dem Restaurant, wou déi Jonk, awer och déi manner Jonk, net méi matenee schwätzen, sech net emol méi kucken, a just nach op de Bildschierm kucken?

Et ass e generationellt Aarmutszeugnis, dass vill Mënschen, (jonk an al), net méi kapabel sinn, sech gescheit ze ënnerhalen, e bësse méi e muskléiert Gespréich ze féieren ouni direkt beleidegt ze sinn, geschweige da sech iwwerhaapt emol fënnef Minutten um Stéck op eng aner Persoun ze konzentréieren, ouni dass d'Hand nom Handy gräift oder d'Opmierksamkeet ofschwäift.

Änlech Argumenter loosse sech bei der KI fannen. Jo, ChatGPT a Co bidde schnell, oft net verifizéierbar, Äntwerten op méi oder manner komplex Froen. Et hëlleft dem Enseignant och beim Erstelle vun Aufgabestellungen an deene Jonke beim Léise vun Hausaufgaben. Do wäerte sech an deenen nächste Jore ganz sécher weider positiv Aspekter erausschielen, ouni dass, wéi de Minister ganz richteg sot, dat Mënschlecht aus dem Unterrecht kann a wäert verschwannen!

Trotzdeem: stellt KI net eise ganze Modell a Fro? Wou bleift do Raum fir déi eege Meenung? KI liwwert oft Äntwerten, déi engem Eenheetsbräi änelen a mat enger perséinlecher Äntwert wéineg gemeinsam hunn. Wann ee keng pertinent Fro ka stellen, wéi soll een dann eng kohärent Äntwert formuléieren? An dat mat oder ouni KI!

Do stellt sech fir mech déi wichtegst vun alle Froen: KI wäert zwar villes vereinfachen, mee et wäert net onbedéngt jiddereen dovunner profitéieren.




### Wäert KI net esouguer e weideren Dreiwer vu Chancenongerechtegkeet ginn!?

Fir nämlech eng « gutt » Fro oder Aufgabestellung un d'KI ze stellen, brauch et eng propper a passend Formulatioun. Fir eng « gutt » Äntwert ze formuléieren, geet et net duer, « Copy-paste » aus dem Chat-Verlaf ze maachen, mee et muss ee sech weiderhi kritesch mat der Äntwert auserneesetzen an da gegeebenenfalls ëmformuléieren. Dat alles muss geléiert a geüübt ginn!

Ech weess net, wéi et Iech geet, mee ech hu keng Loscht, mat ChatGPT erstallte Mailen, Texter a Rieden ze liesen an ze lauschteren. Et liest oder héiert een et oft schonn nom zweete Saz... « Huet dee sech net emol d'Méi gemaach, eppes selwer ze schreiwen? », froen ech mech dann. Wou bleift do d'Individualitéit, de Witz, de Sarkasmus, den Intellekt, kuerz gesot: d'Perséinlechkeet, wann dono jidderee via de selwechten Tool wëllt kommunizéieren? Dat erschreckt mech an ech fannen et schued. Do musse mir onbedéngt géigesteieren an eng passend Äntwert fannen.

Woubäi mir nees bei der kognitiver Veraarmung sinn an dem leschte Saz aus der Ried vum Minister: « D'Zukunft vun der Bildung ass nach ëmmer den Engagement vum eenzelne Mënsch! » - wéi Recht hien dach huet.

*P.S.: Dësen Artikel ass ouni Hëllef vu KI geschriwwe ginn.*



De Claude Schmit
ass Member vum Comité central
vum SNE/CGFP.

Cybersecurity & Data

LxCDM

Management

©2003 Luxembourg

FUJITSU

Select Expert

Server

*Sicht Dir no enger einfacher a sécherer Léisung déi de spezifesche Besoine vun Ärer Schoul entsprécht?*

*Ass Äert Zil et de Studenten z'erméiglechen Texter ze schreiwen, eleng oder zesummen, an der Klass oder doheem, wärend Dir d'Méiglechkeet bitt se vu verschiddene Terminaler ze kréien?*

*Partner vu ville Schoulen zu Lëtzebuerg, mir hunn d'Léisung.*

**Einfachheet vun Benotzung**

D'Studente musse kollaboréieren mat Hëllef vun Tools déi sou einfach ze benotzen sinn wéi d'Verbraucherplattformen, mat deenen se vertraut sinn, oder se schaffen ronderëm d'Tools, déi ugebuede ginn.

**Erliichtert Fernléieren**

Fernléiere wiisst weider a Wichtegkeet an all Plattform déi ofgebaut gëtt muss éischtklasseg Ënnerstëtzung hunn fir vun doheem ze studéieren.

**Grouss Quantitéit vun Daten**

Studenten a besonnesch Fuerscher kreéieren grouss Quantitéiten un Donnéeën déi effizient a mat kompetitive Käschte gehandhabt musse ginn.

**Schützen Studentendaten**

D'Elteren an d'Gesellschaft am grousse Ganzen erwaarden näischt wéi dat Bescht wann et em d'Sécherheet vun hire Kanner kënnt, sou datt de Privatsphärschutz kritesch ass.

***Firwat benotzen d'Universitéiten a Schoulen Nextcloud?***

Nextcloud

***Privat Cloud mat LxCDM***



All About Your Journey

150 Joer

1875 - 2025



Feiern Sie mit uns!
150.emile-weber.lu

Emile Weber steht seit 150 Jahren für Tradition, Innovation und Expertise in Mobilität und Reisen.

emile weber
all about your journey



# LEARNING by DOING

Dir fannt wéi gewinnt e grousse Choix un didakteschem Material, Schreiw- a Bastelbedarf, sou wéi pädagogesch Spiller bei eis am Buttek an ab dësem Joer am Online-Shop

**www.timetex.lu** TimeTEX



30, avenue François Clément L-5612 Mondorf-les-Bains
+352 26 67 19 25 - info@lbd.lu - www.learning-by-doing.lu
Méindes bis Freides vu 9 bis 12 Auer an 13:30 bis 18 Auer

# Pressekonferenz

## Rentrée syndicale SNE/CGFP 2025/2026

### 1. Begréissung

Dir Dammen an dir Häre vun der Press, et freet mech, Iech alleguerten am Numm vum SNE/CGFP op eiser Rentréespressekonferenz begréissen ze däerfen.

### 2. Rentrée 2025/2026 :

Ënnert dem Motto « Zesummewuessen. Bildung verbënnt » huet de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, den 11. September 2025 seng Prioritéite fir d'Schouljoer 2025/2026 presentéiert.

An dës Prioritéite wëlle mir haut zum Deel analyséieren a kommentéieren.

### 3. Alpha - zesumme wuessen :

Den SNE/CGFP ass sech der Sproocheproblematik zu Lëtzebuerg duerchaus bewosst an ass och prinzipiell oppen, fir Upassunge vun der schoulescher Offer innerhalb vum traditionelle Lëtzebuerger Schoulsystem virzehuelen.

Aus deem Grond huet sech den SNE/CGFP dem Pilotprojet vun der Alphabetiséierung op Franséisch och prinzipiell net verschloss.

Och well mir der Meenung waren an och nach ëmmer sinn, dass eng Alphabetiséierung op Franséisch eng Léisung ka si fir eng Rei vun eise Schüler, awer sécher net fir se all.

« Deutsch als Fremdsprache » ass sécher och eng erfollegverspriechend Pist.

Fir den SNE/CGFP gëtt et, Stand haut, awer ee fundamentale Problem bei «ALPHA – zesumme wuessen».

Et sinn einfach nach ze vill Froen onbeäntwert an et stinn nach eng Rei Fragezeichen am Raum, besonnesch wou elo schonn d'Generaliséierung vum Projet Alpha op Landesniveau vum Regierungsrot fir d'Rentrée 2026-2027 decidéiert ginn ass.

An dat och ouni dass, an den Aen vum SNE/CGFP, eng déifgräifend Evaluatioun vum Pilotprojet, déi de ganze Parcours vum Cycle 1 bis de Cycle 4 an der Grondschoul ëmfaasst, ofgewaart ginn ass.

A bei dëse villen onbeäntwerte Froen handelt et sech net ëm Detailfroen, mee et geet hei ëm essenziell Froen, déi di praktesch groussflächeg Ëmsetzung vun der Alphabetiséierung op Franséisch um Terrain an de Schoule betreffen.

Fir den SNE/CGFP stelle sech eng Rei Haaptproblematike bei der Ëmsetzung vun der paralleller Alphabetiséierung op Franséisch an op Däitsch an alle Schoulen:

- Schoulorganisatioun an Horaire: Duerch déi 2 parallel Alphabetiséierungen, mat gemëschte Klassen, esou wéi de MENJE dat decidéiert huet, entsti ganz vill nei Contrainten, déi d'Opstelle vun de Stonnepläng nach méi schwéier maachen ewéi bis elo.

  Den SNE/CGFP schwätzt sech duerfir fir eng aner Approche aus.

  Mir hätten de Schoulen de Choix gelooss ze decidéieren, ob si wéilte gemëschte Klasse maachen oder awer, a Funktioun vun de jeeweilege Schülerzuelen, getrennte Klassen, déi op Franséisch a getrennte Klassen, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, geschafe solle ginn.

  Doduercher hätte kéinten d'Contraintë beim Erstelle vun de Stonnepläng ewechfalen an d'Erstelle vun der Schoulorganisatioun wär net onnéideg méi kompliziéiert gemaach ginn.

  Wann d'Klassen net gemëscht géife ginn, da géifen ausserdeem vill Froen zu der benotzter Unterrechtssprooch, déi sech beim Ënnerriichte vun den Niewefächer stellen, ewechfalen.

- Schoulsäll: Fakt ass, dass a verschidde Gebaier elo schonn net genuch Schoulsäll zur Dispositioun stinn. Elo scho mussen op ville Plazen innovativ Léisunge gesicht ginn, well Klasseraim feelen.

  A wou solle mir dann op eemol déi zousätzlech Raim hierhuelen, déi mir brauchen, fir déi 2 parallel Alphabetiséierunge kënnen duerchzeféieren?

  Och fir d'Problematik vun de Schoulsäll ze léise, huet den SNE/CGFP sech vun Ufank u ganz kloer géint eng simultan flächendeckend Generaliséierung vum Projet Alpha op Landesniveau ausgeschwat.

  An den Ae vum SNE/CGFP hätt et sollen zu enger gradueller Aféierung kommen.

  Nëmme Gemengen a Schoulen, déi sech prett spieren an och iwwert déi néideg Infrastrukture verfügen, hätte sollen an enger éischter Phas eng Alphabetiséierung op Franséisch ubidden.

  Genau esou wéi et bei der Aféierung vun der « Education précoce » de Fall war, hätt een de Schoulen an de Gemengen eng méi laang Virbereedungs- an Adaptatiounsphas sollen zougestoen, fir d'Alphabetisatioun op Franséisch anzeféieren, natierlech mam verbindlechen Zil, ab engem bestëmmte Stéchdatum déi 2 Alphabetiséierungsparcourse mussen unzebidden.

- Eng aner Problematik, déi sech fir den SNE/CGFP stellt ass déi, wien da schlussendlech d'Decisioun hëlt, ob d'Kand soll op Franséisch oder op Däitsch alphabetiséiert ginn?

  Dës Decisioun soll jo vun den Elteren eleng geholl ginn an dat gesi mir als SNE/ CGFP dann awer éischter skeptesch.

  D'Fro, déi sech fir eis nämlech stellt ass déi, ob dës Approche wierklech derzou féiert, dass d'Kanner, deenen hir Mammesprooch méi no beim Däitschen ass, op Däitsch an d'Kanner, deenen hir Mammesprooch méi no beim Franséischen ass, op Franséisch alphabetiséiert ginn?



Oder riskéiere mir net vläicht, dass aner Facteuren den Elteren hir Decisioun beaflossen?

Wär et net och denkbar, dass eng lëtzebuergesch Famill d'Decisioun trefft, hiert Kand op Franséisch an net op Däitsch alphabetiséieren ze loossen, obwuel d'Lëtzebuergesch jo méi no beim Däitschen ass an eng sougenannte Bréckefunktioun zum Däitschen anhëlt?

Einfach aus deem Grond, well gemengt gëtt, et wär méi wichteg, méi fréi mam Franséischen unzefänken oder well gemengt gëtt, et wär fir spéiderhi méi wichteg a virdeelhaft, besser Franséisch ze kënnen ewéi Däitsch.

A wat geschitt, wann d'Elteren no engem Trimester realiséieren, dass si de falsche Choix fir hiert Kand getraff hunn?

Ass et einfach esou méiglech, wärend dem Joer d'Alphabetiséierungssprooch ze wiesselen?

Am grousse Ganze stellt sech d'Fro vum Wiessel vun enger Filière an déi aner wärend der Grondschoulzäit.

Wat ginn et do vu Méiglechkeeten a wéi eng Krittäre ginn do ugewant?

Déi Fro vu méiglechen « Passerellen » ass vum Ministère bis haut nach net ugeschwat ginn.

- An déi lescht Problematik, déi sech vir eis stellt, ass d'Evaluatioun vum « Projet Alpha -zesumme wuessen ».

Kënne mir haut scho wierklech soen, dass de Projet Alpha e vollen Erfolleg ass? Mir mengen net.

An eisen Aen hätt misse gewaart ginn, bis dass d'Kanner aus de Pilotschoulen de ganze Parcours vum Cycle 1 bis de Cycle 4 duerchlaf, de Passage vum Fondamental an de Secondaire absolvéiert hätten, ier een definitiv Konklusioune kéint zéien.

Nëmmen esou hätte mir definitiv evaluéire kënnen, wéi de Kanner hir Kompetenzen am Däitschen an am Franséischen um Enn vum Cycle 4 gewiescht wären.

Dat eigentlecht Zil vum Projet Alpha ass jo, dass een de Kanner, deenen hir Mammesprooch méi no beim Franséischen ewéi beim Däitschen ass, d'Méiglechkeet gëtt, op Franséisch alphabetiséiert ze ginn, fir hinnen um Enn vum Cycle 4 besser Chancë fir hir weider Schoulkarriär ze ginn.

Mee wéi kënne mir dat haut behaapten, wann dës Kanner nach guer net am Cycle 4 ukomm sinn?

Déi aktuell Evaluatioune ginn de Moment nach net méi wäit ewéi den Cycle 2.

Derbäi kënnt och nach de Fait, dass momentan e ganz schlechten Zäitpunkt ass, fir esou eng gewalteg Reform wëllen duerchzeboxen.

D'Enseignanten hunn aktuell scho genuch mat bestoenden Erausfuerderungen ze kämpfen an dofir ass d'Stëmmung a ville Schoulen alles anescht ewéi positiv.

Vill Enseignantë schaffen un hirer Limitt, wat och vill domadder ze dinn huet, dass nach ëmmer keng zefriddestellend Léisunge fonnt gi si fir den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen.

Et brauch awer eng positiv Grondstëmmung an de Schoulen, fir dass d'Reform déi gréisstméiglech Erfollegsaussiichten huet an d'Enseignantë sech mat deem néidegen Enthusiasmus dëser Erausfuerderung stellen.

Wann een d'Enseignanten net mat op de Wee kritt, da gëtt et schwéier, dass dës Reform zu engem Erfolleg gëtt.

### 4. Modernisatioun vum Plan d'études

An deem Dossier sinn dem SNE/CGFP seng Fuerderunge bekannt:

- den neie « Plan d'études » soll par Rapport zum aktuellen Dokument entschlaakt ginn an et soll sech op déi wichtegst Kärkompetenze beschränkt ginn.

- den neie « Plan d'études » soll e prakteschen Instrument ginn, wat fir den Enseignant a senger alldeeglecher Unterrechtspraxis eng reell Hëllef duerstellt.

Als SNE/CGFP hate mir virun der Summervakanz eng Reunioun mam MENJE zum Thema « Plan d'études » an et gesäit esou aus, dass wéi wann dës 2 Haaptfuerderungen erfëllt géife ginn.

Et gesäit derno aus, wéi wann de « Plan d'études » entschlaakt a vereinfacht géif ginn an e soll och e prakteschen Instrument fir den Enseignant ginn.

Do schéngt ee jo dann um richtege Wee ze sinn.

Mir kënnen et och nëmme begréissen, dass et zu weidere Consultatiounsreunioune mam MENJE zum Thema « Plan d'études » soll kommen.

### 5. Screen-Life-Balance

Wat d'Problematik vun de Smartphonen an de Grondschoulen ubelaangt, kënne mir haut feststellen, dass d'Decisioun vum Här Minister Meisch, an déi mir och als SNE/CGFP vun Ufank un ënnerstëtzt hunn, déi richteg war, fir d'Smartphonen ab Ouschteren 2025 an de Grondschoulen ze verbidden.

### 6. Inklusioun an den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen.

Et ass e Fakt, dass an de leschte Joren d'Zuel u Kanner mat spezifesche Besoine staark geklommen ass.

Obwuel d'Ressourcen zwar och am selwechten Zäitraum eropgaange sinn, ass dat awer laang net an deem Mooss geschitt, wéi sech d'Zuel u Kanner, déi eng spezifesch Betreiung brauchen, erhéicht huet.

D'Resultat dovunner ass, dass d'« Prise en charge » vun dëse Kanner op ville Plazen net zefriddestellend assuréiert ass an doduercher d'Qualitéit vum Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen sech weider verschlechtert huet.

Dofir huet sech d'Situatioun fir d'Enseignanten dramatesch zougespëtzt. Si sti virun engem groussen Dilemma. Trotz engem enormen Engagement an engem gewaltegen Asaz, geléngt et aktuell net méi, de Kanner, déi Ënnerstëtzung brauchen, esou ze hëllefen, wéi si et brauchen.

Derbäi kënnt, dass et an eise Klassen ëmmer méi Kanner gëtt, déi verhalensopfälleg sinn, an dass dës Opfällegkeeten och ëmmer méi u Gravitéit zouhuelen.

Et gi mëttlerweil ëmmer méi Situatiounen, wou een eenzege Schüler den normalen Unterrecht esou vill stéiere kann, dass en normaalt Schoulhale massiv erschwéiert an a munche Fäll zäitweis esouguer onméiglech gëtt.

Dëst huet och negativ Repercussiounen op déi aner Schüler, déi awer och e Recht op eng « intakt » Schoulzäit an en ongestéierten Unterrecht hunn.

Net ze schwätze vun der psychescher Belaaschtung fir d'Enseignanten, déi esou schwiereg Situatiounen ze geréieren hunn.

D'« Prise en charge » vu Kanner mat spezifesche gesondheetleche Besoine stellt d'Enseignanten och ëmmer méi viru grouss Erausfuerderungen.



D'Responsabilitéiten, déi d'Enseignanten dobäi huele mussen, sinn hinnen an enger ganzer Rei Fäll net zouzemudden. Den Enseignant ass e Spezialist an der Vermëttlung vu Léierinhalter a kee Medezinner. Et ginn eng Rei medezinesch Interventiounen oder Manipulatiounen, wou den Enseignant och am Kader vun engem « Projet d'accueil individualisé PAI » d'Responsabilitéit net iwwerhuele kann.

Den SNE/CGFP wëllt jo op dëser Pressekonferenz net nach eemol am Detail op all seng Fuerderungen zu dëser Thematik agoen, mee wëllt virun allem dem Minister seng Annoncen zu dësem Sujet analyséieren a kommentéieren.

Den SNE/CGFP huet zanter Laangem de Fonctionnement vun de Kompetenzzentre kritiséiert a verlaangt, dass dëse Fonctionnement misst geännert ginn, an dass mir dat spezialiséiert Personal aus de Kompetenzzentren um Terrain an eise Schoule brauchen.

Aus deem Gronn begréisse mir d'Annonce vum Minister vun enger schrëttweiser Dezentraliséierung vun de spezialiséierte Kompetenzzentren. Et kann nëmmen am Interêt vun all de concernéierten Acteure sinn, déi spezialiséiert Betreiung méi no bei de Schüler a bei d'Enseignantsekippen ze bréngen.

Konfrontéiert mat dem Constat, dass et ëmmer méi Kanner mat Autismus-Spektrum- Stéierungen (ASS) ginn, begréisse mir d'Annonce vum Minister, dass de concernéierte

« Centre de compétence », den CTSA, elo regional « Classes de cohabitation » ubidde wäert.

Och d'Annonce dass de Centre pour le développement socio-émotionnel (CDSE) waert Kohabitatiounsklassen ubitt, kënne mir nëmme begréissen.

An den Aen vum SNE/CGFP ass et och eng gutt Saach, dass 2 weider centres sociothérapeutiques (CST) sollen entstoen.

Den SNE/CGFP begréisst dës Changementer an d'Decisiounen zu de « Centres de compétences », mee dat eleng geet awer net duer.



Et muss an Zukunft och séchergestallt sinn, dass all dat spezialiséiert Personal mat de Kanner schaffe muss. Mir kënnen eis et einfach net erlaben, Ressourcen, déi do sinn, falsch anzesetzen. Dëst geschitt, wann een dat spezialiséiert Personal net mat Kanner schaffe léisst, mee fir aner Missiounen asetzt.

Et muss och endlech séchergestallt ginn, dass Kanner, déi Hëllef aus de Kompetenzzentre brauchen, déi och direkt, ouni Zäit ze verléieren an ouni allze vill administrativen Opwand, kréien. Dës Kanner däerfen net weider de Spillball vun deene verschiddene Kompetenzzentre bleiwen, well d'Zentre sech net eens ginn, wie fir d'Problematik vum Kand kompetent ass. Esou spillt een deem aneren de Ball zou an ënnert deem « Ping-Pong » ass d'Kand de Verléierer.

Fir deen ee Kompetenzzenter ze schwaach a fir deen aneren ze staark, mam finale Constat, dass d'Kand nach ëmmer am beschten an der normaler Klass ouni zousätzlech Hëllef opgehuewen ass.

Natierlech begréisst den SNE/CGFP dem Minister seng Annonce, fir d'Zuel vun den A-EBSen vu 50 op 100 ze erhéijen, an dass 10 Schoulen en 2. I-EBS solle kréien. Dës Mesure ass awer nëmmen eng Dréps op de waarme Steen an an dësem Beräich hätte mir eis dach méi eng couragéiert Politik erwaart. All Schoul brauch weider Ressourcen an dofir ass dem SNE/CGFP seng Fuerderung och nach ëmmer berechtegt:

All Schoul brauch 2 I-EBSen an 1 A-EBS.

Mir wëssen, dass mir dat net kënne vun haut op muer erreechen, mee de politesche Wëlle muss awer dofir do sinn.

Enttäuscht si mir awer, dass de Minister kee Wuert iwwert d'ESEBe verluer huet. Och an deem Beräich ass d'Positioun vum SNE/CGFP kloer:

Dës Ekippe musse massiv opgestockt ginn, si musse méi no un d'Schoule kommen an hiert Personal misst och ersat ginn.

D'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet vun den Enseignanten ass nämlech enk verknëppt mat der Problematik vun der Betreiung vu verhalensopfällege Schüler oder vu Schüler mat spezifesche Besoinen.

De Manktem u Ressourcen, d'schlecht Asetze vun de Ressourcen oder d'Net-Ersetze vu Ressourcen, all dëst féiert derzou, dass eng steigend Zuel un Enseignanten ëmmer méi Schwieregkeeten huet, hire Bildungsoptrag bei all de Kanner ze erfëllen.

Ëmmer méi Enseignantë packen de Spagat net méi tëschent dem Usproch, dee si u sech selwer stellen, all de Kanner gerecht ze ginn an der Wierklechkeet an hirer Klass. Dës Hëlleflosegkeet féiert an enger éischter Phas zu Frustratiounen, mee ka sech op Dauer och méi negativ op hiert physescht, mentaalt a psychescht Wuelbefannen auswierken.

Et ass e Fait, dass sech ëmmer méi Enseignanten epuiséiert fillen, riskéieren an de Burnout ze falen oder schonn doranner sinn. Fir d'Wuelbefanne vun den Enseignanten ze verbessere fuerdert den SNE/CGFP dofir de MENJE op, den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen oder mat spezielle gesondheetleche Besoinen drastesch ze verbesseren!

## 7. Zweeten Intervenant am 1. Zykel

Zu dësem Sujet huet de Minister sech leider den 11.9. net geäussert.

Den SNE/CGFP fuerdert weiderhin, dass den 2. Intervenant, deen am Koalitiounsaccord virgesinn ass, an all de Klassen aus dem Cycle 1 nom Modell vum Precoce mat engem Team bestoend aus engem Enseignant an engem Educateur intervenéiere soll.

Wéi am Precoce soll den 2. Intervenant all Dag wärend der ganzer Unterrechtszäit mam Enseignant zesummeschaffen.

Den SNE/CGFP wiert sech mat aller Vehemenz géint d'Iddi, dass den 2. Intervenant just sporadesch an d'Klass kënnt, fir dass den Enseignant dann Zäit kritt, fir mat engem klenge Grupp eng Aktivitéit ronderëm dat phonologescht Bewosstsinn ze maachen.

Mir soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.


Patrick Remakel

President vum SNE/CGFP




**Patrick Remakel, President SNE/CGFP**

# LES CAHIERS DES CHARGES 2024 / 2025



















# Luxdidac 2025




























# SNE Events
# Réckbléck an Ausbléck

Léif Memberen

Dir fannt an dësem Bulletin e Réckbléck op eis Visitt vun engem Deel vun der LUGA. Bewosst schreiwe mir « engem Deel », well fir déi ganz LUGA am Detail ze kucken, géifen 2 Stonne Visitt net duergoen; do wäre mir warscheinlech méi no bei 2 Wochen. Mee eise Besuch sollt éischter en « Appetithappe » sinn; en Ureiz, fir sech den een oder aneren Deel méi am Detail unzekucken; wéi sou oft bei eisen Aktivitéiten, déi mir ubidden.

A wéi dat sech fir e Lëtzebuerger Veräi gehéiert, ass och de Patt an den « Appetithappen » no dem Event selwer integrale Bestanddeel vun der Aktivitéit. A mir als SNE si frou an houfreg, ëmmer nees aktiv a pensionéiert KollegInnen op eisen Eventer begréissen ze kënnen. Wat also nees eng Kéier weist, datt et och an der Pensioun nach derwäert ass, Member vum SNE ze bleiwen.

Eis nächst Aktivitéit ass eise « Bistrot littéraire » am November. A wat mir fir d'Fréijoer an de Summer 26 virgesinn hunn, dat fannt dir an der Rubrik « Save the Date ». Mir hoffen, datt eise Programm iech gefält.

## LUGA: Luxembourg Urban Gardens
# « TOUR OF THE VALLEYS »
## D'Péitruss– an Uelzechtdäller:
## e Wee voller Inspiratioun an Innovatioun



En Dënschdeg, den 30. September hu sech 8 trei Membere vum SNE beim Luxembourg City Tourist Office um Knuedler getraff, fir bei sonnegem an agreabelem Hierschtwieder een Deel vun der LUGA, de «Luxembourg Urban Gardens» unzekucken. Ënnert der kompetenter Féierung vum LCTO-Guide hu mir eis op de Wee bei d'Gëlle Fra gemaach, wou mir als éischt d'Konzept vun der LUGA erklärt kruten.

Duerno goung et erof bei déi renaturéiert Péitrus; fréier en onscheinbaart, abetonéiert Rinnsal – haut nees eng lieweg Baach, an där et nees Fësch ginn an un därem Ufer nees Planze, Straich a Beem wuessen.

Verstoppten Agäng an d'Kasematten, eng Installatioun bei der Quirinuskapell, déi leider zou war, Skulpturen, Hochbeeter a vill aner Kreatiounen, déi extra fir d'LUGA



bestallt goufen, louchen op eisem Wee. De Guide huet ëmmer nees de Lien gemaach tëschent där iwwert Joerdausenden geformter Natur, där iwwert Joerhonnerten ausgebauter Festung an där iwwert de leschte Joerzéngte gewuessener moderner Stad. Hien huet eis Ecker vun dem Péitrus- an Uelzechtdall gewisen, déi och al Kenner vun eiser Stad bis dohin nach net gesinn haten. Mir waren alleguer erstaunt, direkt nieft der Rue St. Ulric den «Herbularius» ze entdecken; ee Gaart, dee bis virun der LUGA verstoppt an de Leit net zougänglech war, an op deem senge Bänken ee sech ee Moment ausrouen an déi séllechen Arznei- a Gewierzplanzen kucken a riche konnt. An e puer Schrëtt méi wäit konnte mir ënnert der Eisebunnsbréck dem «Chant de l'Alzette» nolauschteren, dem Plätschere vum Uelzechtwaasserfall, deen de meeschte Lëtzebuerger nach onbekannt wäert sinn. Laanscht Neimënster, deem fréiere Prisong, goung et dunn nees zréck bis bei de Lift am Gronn, net awer ouni un d'Melusina ze denken. Si selwer huet sech awer net blécke gelooss an huet sech wuel dee Moment an den Déifte vun der Uelzecht erfréscht.

Mir awer hunn eis, wéi dat beim SNE Traditioun ass, am engem Bistro um Helleg-Geescht-Plateau bei e puer Pätt an enger «Planche à partager» erfréscht.



# Bistrot littéraire: « Eis Groussmammen »

**Animatrices:** Claudine Konsbruck, Joëlle Letsch , Sandy Lahure, Colette Mart

**Moderatioun:** Joëlle Letsch

**Zilgrupp:** all Membere vum SNE an hir/e Conjoint/e; Prioritéit fir Memberen ab 55 Joer

**Dauer:** 90 Minutten + X; den SNE offréiert Gedrénks an Tapas

**Datum:** Méindeg, de 24. November 2025 um 18h00

**Plaz:** «Bistrot littéraire Le Bovary», 1, rue Laroche, L-1918 Lëtzebuerg – Weimeschkierch (Bus: Ligne 4 / Parking 50 m.)

**Zuel: maximum** 30 Persounen

**Umeldung: events@sne.lu oder 48 11 18-1**
**bis spéitstens e Freideg, de 14. November 2025 um 16h00.**

(D'Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun; eng Waardeléscht gëtt gefouert.)

(Andeem ee sech fir dës Aktivitéit umellt, ass een automatesch averstanen, dass een op enger Foto am Bulletin oder op den elektronesche Säite vum SNE/CGFP ka gesi ginn.)




Dans le livre « *Eis Groussmammen* », 15 femmes d'aujourd'hui racontent la vie de leur grand-mère, des femmes qui ont façonné le Luxembourg au 20e siècle. Ces récits mettent en lumière le rôle et les contributions des femmes souvent oubliées par l'histoire officielle, tout en rendant hommage à leurs parcours de vie uniques.

Ce livre, édité par l'asbl « *Femmes pionnières du Luxembourg* » en 2024, retrace des destins singuliers, mais est également une contribution à la mémoire collective des femmes luxembourgeoises en leur donnant la visibilité méritée.

Chaque histoire met également en avant la relation forte et intergénérationnelle entre petite-fille et grand-mère, soulignant son influence profonde sur les valeurs des générations futures.

## Save the Date

- «**Bistrot littéraire**»: Méindeg, den **16.03.2026** vun 18.00 bis 21.00 Auer zu Weimeschkierch
- «**Family of Man**»: Donneschdeg, den **23.04.2026** vu 14.44 bis 20.15 Auer zu Clierf
- «**Solex**»: Donneschdeg, de **25.06.2026** vu 16.00 bis 18.00 Auer zu Helfant (an deen, deen net weess, wat dat ass, majo da googelt mol schéin)

sne syndicat national des enseignants cgfp Newsletter

## Den SNE/CGFP invitéiert : Komm mat an de Kino!

Den SNE/CGFP invitéiert seng Memberen mat hire Kanner oder Enkelkanner an de Kino: ...ZOOMANIA 2...

No der Virstellung kréien déi jonk Visiteuren eng Iwwerraschungstiitchen.

**Zilgrupp:** all Membere vum SNE/CGFP mat hire Kanner (ab 3 Joer) De Film ass op Däitsch.

**Datum:** **Sonndes, den 30. November 2025 um 14h00**

**Plaz:** KINEPOLIS KIRCHBERG

**Zuel:** limitéiert, déi éischt si vir.

**Präis:** gratis

### Umeldung: events@sne.lu

Bei der Reservatioun w.e.g. äre Numm uginn a wéi vill Erwuessener (1 oder 2) a Kanner derbäi sinn.

Dir kritt eng Bestätegung, datt Är Plaze reservéiert sinn.

D'Ticketen kritt dir op der Plaz.

Kommt w.e.g. 30 Minutten virun der Virstellung an de Kino.



Disney ZOOMANIA 2



# Assermentation 2025

Den SNE/CGFP dobäi bei der Assermentatioun. (10.07.2025)
















MUSÉE «A POSSEN»

Kultur
a Geschicht vun
der Musel



Kreativ Ateliere
fir Kanner

De Musée « A Possen » bidd Themenatelieren
souwéi individuell Offeren fir Schoulklassen un.

Méi Informatiounen kritt
Dir op eisem Internetsite : www.musee-possen.lu

Ufroen a Reservatiounen op : info@musee-possen.lu

2, Keeseschgässel
L-5405 Bech-Kleinmacher (Gemeng Schengen)
(+352) 23 69 73 53

sne éditions

Nous imprimons
pour vous en
offset & digital

- Matériel didactique
- Layout
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite /
  Cartes de remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c et dos carré collé)
- Roll-up
- Mise sous enveloppes / Publipostage
- Mise sous plastique
- Pelliculage mat et brillant

www.sne.lu • shop@sne.lu

PRAXISBEISPILL

Babbelix

Authentesch Sproochentwécklung,
Kommunikatioun, Reflexioun.



# Les aliments

Français   Cycle 4   Prononciation et Phonologie / Mémoriser



## Objectif d'apprentissage

Conscience phonologique

## Préparation enseignant

Mise à disposition d'images illustrant les mots à étudier.

## Matériel

- Images illustrant les mots à étudier
- Cycle 3 : pages lexique/ cartes-images
- Cycle 4 : dépliant lexique/ cartes-mots

## Consignes pour les élèves

Choisis les mots que tu veux dire à voix haute.
Choisis des dessins/photos et enregistre les mots correspondants.
Écoute les mots enregistrés.
Corrige les enregistrements des mots qui sont mal prononcés.

## Possibilités d'application Babbelix

Ecouter le vocabulaire et lire en même temps le vocable.
Ecrire le vocabulaire.
Répéter le vocabulaire à haute voix et enregistre-toi avec Babbelix.

## Forme sociale

Individuel

## Sources / liens

„Salut c'est magique"
Livre 5.
„A table". p. 6

Lauschtert eran

EduDesign   SCRIPT

Disponible sur App Store & Google Play
ou sur app.babbelix.lu
Login via IAM

# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum

**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du SNE/CGFP
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source. Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au SNE/CGFP. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.

syndicat national des enseignants cgfp

---

syndicat national des enseignants cgfp

Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants

11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56

## Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Nicolas Thill- Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie dpo@sne.lu

### Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ................ Prénom ................ Date de naissance ................

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ................ Promotion (année) ................ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ................

Commune / Localité de travail ................ Nom de l'école ................

**Domicile :** Numéro ........ Rue ................ Code postal ........ Localité ................

Adresse électronique ................ Téléphone / gsm ................

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ................ Date de naissance ................ Catégorie : cf tableau ci-contre ................

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ................

auprès de CCP / établissement bancaire ................

Date ................

Signature ................

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2025 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | cotisations SNE + CGFP = Total | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | 130 € + 50 € **= 180 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>**= 334 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €** | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | **0 €** | --- |
| Cat. R | Membre retraité: | 50 € + 35 € **= 85 €** | --- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE




order@ernster.com | www.ernster.com | +352 22 50 77-1




| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
|---|---|
| Envois non distribuables à retourner à:<br>L-3290 BETTEMBOURG | Port payé<br>PS/161 |